SYFEL

Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322 syfel@syfel.lu

15, am Duerf L-7651 Heffingen CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

Debat an der Chamber, den 23. Januar 2017

Léif Kiercheréit alleguer,

En neit Jar ass ugebrach an et gëtt d'Kierchefabrécken nach all, trotz allen Versich, déi d'lescht Jar vun den zoustännegen (an net zoustännegen) Autoritéite gemaach goufen. An dëst Jar gëtt elo en decisiivt Jar fir is alleguer, wou mir musse bäihalen.

Den éischte Schrëtt, dee mer elo maachen, ass, opgrond vun iser Petitioun „Zum Erhalt an der Moderniséierung vun de Kierchefabrécken" an d'Chamber ze goen. Genee 11.679 Ënnerschréften hutt Dir erabruecht, an opgrond vun deenen, wäert d'Chamber dann elo eng Delegatioun vum SYFEL fir en ëffentlechen Debat empfänken:

den 23. Januar um 14.30h am Plenarsall vun der Chamber.

Den Debat ass fir eng Stonn ugesat an zwar mat der Petitiounskommissioun, d'*Commission des affaires intérieures* an dem Minister Kersch.

Dësen Debat ass ëffentlech, gëtt op Chamber-TV iwwerdroen, mee och Tribün an der Chamber ass op fir de Publique a mir wären nawell frou, wann des gutt gefëllt wär. Zéckt dorfir net, an d'Stad ze kommen. (D'Entrée ass hannert dem Chambergebai an der *Rue de l'eau*, an Dir braucht Är *Carte'identité*.)

Merci am Viraus fir Är Ënnerstëtzung a bis den 23. Januar an der Chamber

Hiefenech, den 15. Januar 2017

Serge EBERHARD
President

Marc LINDEN
Vizepresident